INVITÉ VUN DER REDAKTIOUN (8. MÄERZ) - EMILE EICHER

# Syvicol: Mat Workshoppe wëll een d'Relatioun mat de Membere weider verbesseren

Vum Pit Everling

**Invité vun der Redaktioun: Emile Eicher**

*Den Invité vun der Redaktioun vu méindes bis donneschdes moies géint 8h10 am Studio vun RTL Radio Lëtzebuerg.*

**E Méindeg de Moie war de President vum Gemengesyndikat Syvicol eisen Invité vun der Redaktioun.**

Eng besser an direkt Kommunikatioun, méi Formatioun an d'Interête vun de Gemenge méi aktiv vis-à-vis vun der Regierung vertrieden.  Dat wiere Fuerderungen, déi d'Membere vum Syvicol hunn, wéi e rezente Sondage iwwert d'Zukunft vum Gemengesyndicat gewisen hätt.

Dat huet de Syvicol-President Emile Eicher e Méindeg de Mueren am RTL-Interview erkläert.

A virtuelle Workshoppe wëll een déi verschidde Sujeten elo verdéiwen. Éischt konkret Schrëtt wieren awer scho gemaach ginn, zum Beispill mat engem Whatsapp-Grupp vun de Buergermeeschter. Dee kéint ausgebaut ginn. Dernieft misst och méi iwwert déi sozial Medien an interaktiv kommunizéiert ginn. D'Formatioune sollen och ausgebaut a méi breet gefächert ginn.

**Rendez-vous fir den Interview mam Invité vun der Redaktioun all Dag vu méindes bis freides um 10 op 8 op RTL Radio Lëtzebuerg an am Livestream och op RTL.lu an an der App (Audio a Video). Op RTL.lu an op der App ass d'Emissioun dono och am Replay ze fannen.**